

29. 04. 2009 (Et gëlt dat geschwatent Wuert)
Nationalvirstand vum OGBL zu Grevenmacher

Dir Dammen an dir Hären,
Léif Kolleginnen a Kollegen,

D'Welt befënnt sech an enger déiwer Kris,
enger Wirtschaftskris,
enger sozialer Kris,
enger ökologescher Kris.

Dat kënnt een elo mat villen Zuelen ënnermaueren, beweisen,
Zuele vun den internationale Wirtschafts- a Finanzinstitutionen, dem IWF, der
Weltbank, der EZB, asw. iwwert de Réckgang vun der wirtschaftlecher
Produktioun, der Entwécklung vum Bruttosozialprodukt, Zuelen déi weisen,
datt mer eis an enger weltweiter wirtschaftlecher Rezessioun befannen,
Zuele vum Bureau international du travail, déi weisen, datt de Chômage
weltweit dramatesch zouhëlt, Zuele vun der UNO, der UNICEF, déi weisen, datt
d'Aarmut wisst anstatt zrëckzagoen, d'Zuelen déi weisen, datt mer weit
eweck si vun den Zieler, déi d'UNO sech bei der Joerdausendwend gestallt
hat, fir d'Aarmut an de Misär op eiser Welt zrëckzedrängen.
Zuelen, déi beweisen, datt mer nach ëmmer amgaang sinn op eng
Klimakatastrophe hinn ze steieren, där hir wirtschaftlech a sozial
Äuswiirkungen esou verheerend kënne sinn, wéi déi vun der Finanzkris an där
mer stiechen, wann net esouguer méi.

Mä eigentlech bräuche mer keng Zuele, mir gesinn a mierken d'Äuswiirkunge
vun dëse Krisen och esou.

An déi grouss Fro ass, wéi komme mer aus deene Krisen eräus. Op jiddferfall
net, wa mer nëmmen eesäiteg, onkomplett Äntwerte ginn a net op déi déif
Ursaachen aginn.

Et ass schons erstaunlech:

Op eng Kéier entdeckt de Weltwährungsfong, d'Weltbank fir nëmmen déi ze
nennen, datt vill Leit op dëser Welt keng Sécurité sociale hunn an, datt dat
net nëmmen dramatesch fir déi Betraffen ass, mä och nach d'Kris verstärkt.
Wat d'Leit aus de Chefétage vun dësen Institutionen awer vergiessen ze
soen, ass datt si oft derzou beigedroen hunn, datt a ville Länner keng
uerdentlech Sécurité sociale entstanen ass, datt ëffentlech-rechtlech
Systemer, vun deenen all d'Leit profitéiere konnten, zerschloë goufen, datt
d'Gesondheetssystemer privatiséiert goufen, datt si de System vun de

Pensiounsfongen propagéiert an oft duerchgesat hunn. An haut sinn d'Renterechter, déi vun deene Fonge versprach goufen an der Spekulation verschwonnen, si sinn näischt méi wäert, an déi betrafte Salariéë musse bis un d'Enn vun hirem Liewe schaffe goen, well se just nach Hongerrenten vun deene Pensiounsfonge kréien.

Et waren och déi Leit un der Spëtzt vun dësen Institutiounen, un der Spëtzt vun der OECD, vun der Welthandelsorganisatioun, déi de sougenannte freien Handel, déi global, grenzelos Maartwirtschaft, den onkontrolléierte Floss vu Wueren, Déngschtleeschunge, vu Geld, Krediter, Aktien asw. propagéiert hunn, ouni Rücksicht op déi sozial an ökologesch Konsequenze vun dëser Form vu Kapitalismus.

Si sinn natierlech net eleng verantwortlech, well si hu jo am Opdrag an am Averständnis vu ville politesch Verantwortlechen aus ville Länner gehandelt.

Kolleginnen a Kollegen,

Et hunn elo an deene leschte Méint vill international, europäesch Konferenzen a Réuniounen stattfand, fir Ausweeër aus der Kris ze fannen, fir nach Schlëmmeres ze verhënneren. Et si vill Decisiounen geholl ginn, muench ginn an déi richteg Richtung, well se drop aus si fir Kontrollen an de System anzebauen, heiansdo iwwerhaupt emol Regeln ze schafen, mä eng gewësse Portioun Skepsis bleift awer, well eigentlech an all deenen Institutiounen kaum oder genausowéineg wéi am Finanzsektor an an deene grouse Konzerne personell Konsequenzen aus de Feeler vun der Vergangenheet gezu goufen. Konsequenze missten awer gezu ginn, well jo net nëmme falsch Politike vertrat a propagéiert goufen, mä well doriwwer eräus déi meeschten international Finanzinstitutiounen, d'OECD, d'EZB, d'EU-Kommissioun eigentlech versot hunn, well si net gesinn hunn, wat fir Katastrophe sech am Finanzsektor entwéckelt hunn, wat fir monstruös Feeler am Privatsektor vun de Spëtzezeit a Wirtschaft a Finanzen gemaach goufen.

Doriwwer eräus muss een awer och eng kritesch Astellung zu den Decisiounen vum G20 Gipfel zu London behalen.

De G20 huet net fest geluet, datt am Welthandel sozial ëmweltpolitesch Standardë misste respektéiert ginn, datt d'Welthandelsorganisatioun misst d'Konventiounen vun der IAO an d'Klimakonventiounen vun der UNO respektéieren.

De G20 huet der wëller Globaliséierung nach keng sozial- an ëmweltpolitesch Grenze gesat. D'Gewerkschaftsbewegung, awer och déi aner Organisatiounen aus der Zivilgesellschaft dierfen dofir net an hirem Asaz noloossen.

Kolleginnen a Kollegen,

am Zesummenhang mam G20, mat de rezenten OECD Decisiounen, wëll ech mech elo hei net iwwert schwaarz, gro oder weiss Lëschten ausloossen. Wichteg ass ze gesinn, datt Lëtzebuerg kloer an däitlech gesot krut, datt verschidde Souveränitéitsnische wéi d'Bankgeheimnis zou gemaach ginn, op dat eis schmaacht oder net, op mer dat gerecht fannen, wann ee weess, dat d'Aen op anere Plazen zougedréckt ginn. Doriwwer kann ee sech opregen, mä d'Fro muss awer och erlaabt sinn, firwat dat vun de Verantwortlechen op deene verschiddenen Niveauën hei zu Lëtzebuerg net mat Zeite gemierkt ginn ass. D'Politik, awer och d'ABBL, d'Alfi, d'BCL sinn eng Äntwert dodrop schëlleg, wat fir Entwéicklungsperspektive si fir de lëtzebuergeresche Finanzsektor gesinn. Wann een dem Patronat aus dem Banken- an Assurancesektor an hire Vertrieeder noläuscht, ass dat awer am Moment net hiren Haaptproblem. Am Abléck geet et hinnen haaptsächlech drëms Käschten erfzesetzen, d'Rentabilitéit ze verbessern, an duerfir gëtt entlooss, Personal ofgebaut an et gett gekuckt, wéi een d'Lounkäschten am Finanzsektor nach weider erf gesat kritt, wéi een de Kollektivvertrag ganz futti maache kann. Den Asaz vum Personal, hire Vertrieeder an hire Gewerkschaften am leschten Hierscht, wou déi grouss Banken op der Finanzplaz um wackele woren, ass schons vergiess.

A wa méi oder manner haart gesot gëtt, datt de Finanzsektor net méi déi Bedeitung wäert fir Lëtzebuerg behalen, déi en haut huet, da misst méi kloer a präzis gesot ginn, wéi dann déi zukünfteg Industriepolitik ausgesi soll, wat fir Wirtschaftssektoren sënnvoll entwéckelt kënnen ginn. Schlagwierder wéi Diversifizéierung, Ëmwelttechnologien, Gesondheetstechnologien, Kommunikationtechnologien- an déngschtleeschungen, Logistik ginn do net duer, et muss och gesot gi, wat dat fir d'Fuerschung hei zu Lëtzebuerg, fir d'Beruffsausbildung, fir d'Landesplanung bedeit. Mir müssen eng Wirtschaftspolitik bedreiwen, déi sech och mat eiser Ëmweltpolitik verdréit, zwou Politiken, déi Hand an Hand goe müssen. Dat kann eng Entwéicklungschance sinn. Mir müssen och endlech gesinn, datt eis demographesch Entwéicklung, datt de Fait, datt d'Liewenserwaardung an d'Luut geet, net nëmmen finanztechnesch Froen am Zesummenhang vun eisem Rentensystem bedeit, mä och wirtschaftlech Perspektive fir ganz vill Wirtschaftsbereicher bedeit.

Mir kënnen eis net drop verloossen nei Souveränitéitsnischen ze fannen, au contraire.

Mir müssen eis agestoen, datt déi europäesch Unioun vun haut, net méi mat der Unioun vu virun 1989 ze vergliechen ass, an datt eisen Afloss als Lëtzebuerg do net méi dee vu fréier ass, an och net méi wäert sinn, egal wéi dichteg eis Politiker, déi sech um europäeschen an internationale Parkett bewegen, sinn.

Mir müssen eis endlech eng kohärent, sichtbar Politik fir d'Groussregioun schafen. Mir kënnen eis net erlaben d'Lorraine, d'Province de Luxembourg, d'Saarland, 'Tréierer Géigend als Hannerland ze betruechte, wou mer Leit siche ginn, fir hei ze schaffen, wou mer wunne ginn, wann et zu Lëtzebuerg ze deier gëtt.

Mir müssen doraus politesch Konsequenzen zéien, och bei der Zesummesetzung vun de Ressorten bei der nächster Regierung. Ass et richteg an néideg e Wirtschaftsministär an e getrennte Mëttelstandsministär ze hunn? Mir hunn en Ausseministär, e Minister fir déi europäesch Ugeleeënheeten, mä mir hu keng kloer, visibel Zoustännegkeet fir d'Groussregioun.

Kolleginnen a Kollegen,

Dës Kris ass net vum Himmel gefall, si ass net einfach d'Resultat vu Profitgier, vu Spekulation, vu Feeler, vun Inkompetenz oder vu kriminellen Aktivitéiten. Alles dat ass et ginn, an et muss dofir gesuergt ginn, datt dat an Zukunft ënnerbonne gett.

Mir müssen awer och kucke wat déi strukturell Ursaache vun dëser Kris sinn, wat méi fundamental geännert muss ginn.

D'Gewerkschaftsbewegung, vill kritesch Economisten, déi awer net zum mediatiséierten neoliberale Mainstream gehéiere, kritiséiere seit Joren eng Politik,

déi zu ëmmer méi Ongläichheet an der Verdeelung vum Reichtum féiert,

- déi a grouse Länner ewéi den USA zu enger relativer Veraarmung vun de Salariatsmëttelschichten an zu enger grousser Iwwerverschëldung gefouert huet,
- déi d'Gesondheetswiesen privatiséiert huet a wirtschaftleche Rentabilitéitskritären ënnerworf huet,
- déi d'sozial Ofsécherung vu ville Mënsche verschlechtert huet,
- déi op déi sougenannten Eegeverantwortung gesat huet, anstatt op gesellschaftlech Solidaritéit, an domat eigentlech just d'Interessi vu private kommerziellen Assurancen vertratt huet,
- déi op Pensiounsfongen amplaz vu solidareschen, ëffentlechen Pensiounssystemer gedrängt huet.

D'Konsequenze gesitt der an Amerika an England, wou elo vill Salariée keng Rent méi hunn, mä och a Schweden, wou virun 10 Joer eng sougenannte Strukturreform durchgezu gouf – d'Schweden waren awer virsechteg genuch opzepassen, datt de Kapitaliséierungssystem nëmmen e klengen Deel vun de Pensiounen betrëfft - iwwregens gëlt dat och fir Lëtzebuerg: wou wieren haut eis Reserven, wa mer deenen nogelauschtert hätten, déi gesot hunn et misst een d'Reserve vun der Pensiounskeess op

der Bourse asetzen, et misst ee bei dem ganze Spekulationswahnsinn matmaachen.

Mir hu gewarnt virun de Folge vun enger Politik, déi just probéiert maximal, kuerzfristeg Profiter ze realiséieren, déi de Spëtzemanager wahnsinneg Gehälter a Pensioune garantéiert, wa se hiren Aktionären onverantwortlech Rendite versprechen.

A propos, et gëtt elo vill iwwert d'Gehälter vun de Spëtzemanager geschwat. Et gëtt um europäesche Plang doriwwer geschwat. Wéi ass dann domat hei zu Lëtzebuerg? Wéi ass et mat der Transparenz zu Lëtzebuerg, wéi hu sech d'Revenue vun de Spëtzemanager an de Lëtzebuerger Betriiber entwéckelt?

Kolleginnen a Kollegen,

Dës Politik ass begleet gi vun enger Privatiséierung vun den ëffentlechen Dénkschter, vun enger Liberaliséierungspolitik, déi d'Staaten, d'Regierungen oft an hire Méiglechkeete fir reguléierend op d'Economie anzewierken, ageschränkt huet. D'Politik huet sech selwer entmuecht.

Et ass dës Politik, déi geännert muss ginn.
Dorems geet et och bei den Europawahlen.

Déi aktuell europäesch Kommissioun huet dës neoliberal Politik matgedroen, ënnerstëtzt an duerchgesat. Si ass matschëlleg un deem aktuellen Desaster a si schénkt net vill geléiert ze hunn. Wou sinn d'Propositioune vun der Kommissioun fir datt d'europäescht Sozialrecht gestärkt an ausgebaut gëtt? Wou sinn hir Propositioune fir prekär Aarbechtsbedéngungen ofzebauen? Wou sinn hir Propositioune fir eng Harmoniséierung no uewen ze realiséieren, wéi et eigentlech an de Réimesche Verträge steet. Wéi steet et mat der Aarbechtszäitdirektiv? Wéi ass do d'Haltung vun eiser Regierung? Huet déi endlech geännert? Ënnerstëtze mer elo endlech d'Positioun vun de Gewerkschaften an deene fortschrëttleche politesche Kräfte am Europaparlament, anstatt datt mer op der Säit vun deene stinn, déi nach méi flexibel, nach méi laang Aarbechtszäite wëllen.

Mir bräuche keng Verlängerung, mä eng Verkürzung vun der Aarbechtszäit an Europa, wa mer verhénnere wëllen, datt nach méi Leit an de Chômage kommen.

Mir bräuchen eng Politik, déi Schluss mecht mat enger Liberaliséierungs- an Deregulierungspolitik, déi näischt bruecht hunn an näischt brénge wäerten. Mir hunn oft géint dës Politik demonstréiert. Mir haten als Gewerkschaften e puer Alliierten am Europaparlament, och ënner deene 6 Lëtzebuerger. Mir haten awer keen Alliierten an der Kommissioun zu Bréissel.

An an dëser Kommissioun gëtt et och e lëtzebuergesche Kommissär. Denkt dorun de 7. Juni a sot äre Kolleginnen a Kollegen, datt se genee iwwerleeën sollen wien se wielen. "An ihren Taten, nicht an ihren Worten, sollt ihr sie messen." Dat gëlt och fir eis Memberen, déi net fir déi Lëtzeburger Verrieder wielen, mä fir déi aus hiren Heemechtslänner. Jiddferee soll säi Wahlrecht gebräuchen, mä e soll et kritesch gebräuchen. D'Europaparlament ass wichteg, et ka verhënneren, datt mer eng nei Versioun vun der Barroso-Kommissioun kréien. Dat musse mer verhënneren. Mir bräuchen eng fortschrëttlech, salariatsfrëndlech Majoritéit am Europaparlament, déi op der Seit vun der Gewerkschaftsbewegung steet an net géint se schafft. Mir bräuchen eng Politik, déi Äntwerten op déi ökonomesch, sozial an ökologesch Kris gëtt, an där mer stiechen. Mir bräuchen net méi Flexibilitéit am Aarbechtsrecht, mir bräuchen net dauernd nei Wuertmonsteren ewéi Employabilitéit, Flexicurityn hannert deene sech souwisou nëmme Sozialofbau a manner Rechter fir d'Salariéenverstoppen. Duerfir si mer och der Meenung, datt et iwwerflësseg ass, de WSR hei zu Lëtzebuerg mam Thema Flexicurity, ze beschäftegen, och wann dee Sujet hei net esou genannt gëtt, wann hei vun der "Sécurisation des parcours professionnels" geschwat gëtt. Wéi seet d'Fedil esou schéin an engem aneren Dossier. Et ass alles gesot zu deem Dossier an dat gëlt och fir deen iwwert d'Reform vun de Gesetzer iwwert d'Personalverriedungen an iwwert d'Matbestëmmungsrechter vum Personal an hire Verrieder a Gewerkschaften. Jo et ass alles gesot: Mir bräuchen keng weider Opweechung vum Aarbechtsrecht weder an Europa nach zu Lëtzebuerg, mir bräuchen awer dringend eng Stärkung vum Aarbechtsrecht och hei zu Lëtzebuerg; och hei müssen d'Gewerkschaftsrechter gestärkt ginn, och hei müssen dem Patronat Grenze gezu ginn. D'Regierung a besonnesch den zoustännegen Aarbechtsminister hunn an deem Dossier vill Zeit verluer an en plus Propositione gemaach, déi net duer ginn.

Kolleginnen a Kollegen,

Bei de Wahlen zum Europaparlament, mä net nëmmen do, ass et wichteg, datt déi Politiker a Parteie gestärkt ginn, déi sech konkret op d'Seit vun de Gewerkschaften gestallt hunn an déi kloer soen, datt se dat och weider maache wëllen, déi bereet sinn zesumme mat de Gewerkschaften eng sozialgerecht Äntwert op déi ökonomesch, sozial an ökologesch Kris ze ginn an där mer stiechen.

Well mer wëssen, datt Villes vun europäeschen Decisiounen ofhänkt, an datt et net duer geet sech iwwert de Wee vun de Wahlen zum Europaparlament

zu Wuert ze mellen, genausou wéineg ewéi et duer geet sech um nationale Plang nëmmen iwwert de Wee vun de politesche Wahlen zu Wuert ze mellen - den demokratesche Prozess an eiser Gesellschaft ass méi komplex -, ass den OGBL och bei allen Aktiounen vum EGB derbäi. Mir hunn eng internationalistesche an eng europäesche Politik.

Duerfir si mir och total engagéiert an der Groussregioun a sinn e Motor vun der gewerkschaftlecher Aktioun an der Groussregioun. Duerfir vertritt den OGBL d'Interessi vun alle Salariéen, op se Lëtzebuerger sinn, net Lëtzebuurger sinn, mä zu Lëtzebuerg schaffen a wunnen oder zu Lëtzebuerg schaffen, mä net hei wunnen.

Duerfir si mer och de 15. Mee bei der Demonstratioun vum EGB zu Bréissel derbäi.

An och d'Aktioun vum 16. Mee, eisen Appell fir de 16. Mee eng grouss Manifestatioun vun de Gewerkschaften, mä doriwwer eräus vun alle soziale Kräften an eiser Gesellschaft, vun alle Kräften, déi gären eng sozial an ökologesche Äntwert op d'Kris hätten, reit sech eigentlech an d'Aktioun vum EGB an.

Mir demonstréiere fir ze soen, datt et net eis Kris ass, datt net mir verantwortlech fir d'Kris sinn an datt mer Äntwerten op d'Kris bräuchen, déi sozial akzeptabel sinn, déi net Sozialofbau bedeuten an déi garantéieren, datt mer net iwwermuer erëm mat deenen nämlechen Problemer konfrontéiert sinn.

Kolleginnen a Kollegen,

Muencheree war iwwerrascht, datt den OGBL decidéiert huet zu enger nationaler Manifestatioun opzeruffen, anerer hu gesot: Endlech!

D'Entscheidung ass eestëmmeg an eiser Exekutiv an ouni laang Diskussioun geholl ginn. D'FNCTTFEL, déi jo an eiser Exekutiv vertratt ass, huet dës Decisioun vun Ufank u mat gedroen. Eis Kollege vun der CGFP, vun der FGFC a vun der Aleba hunn net laang gezéckt fir Jo ze soen, an och den LCGB an de Syprolux, déi als parteipolitesch gebonne Gewerkschaften jo e besse Problemer haten, hunn zougesot. Schnell hunn aner Associatiounen wéi de Foyer de la femme, de LRIV, d'ASTI, den NGL, den NVGL, d'Union syndicale sech ugeschloss.

Dat eleng ass en Zeechen, datt mer méi wéi nëmmen ee soziale Malaise zu Lëtzebuerg hunn. Mir hunn en décke Problem, well den Sozialdialog net méi funktionéiert, mat de Betriiber, mä och well den nationale Sozialdialog net méi richteg funktionéiert. Et ginn Tripartiten ageruff ouni Diskussioun, ouni Virbereedung, Versammlung vu grad nei geschafene Gremien ginn ofgesot an et gi "Rencontres tripartites nationales" ageruff, déi mat Dokumenter vun der europäescher Kommissioun vun 2008 befaasst ginn, déi sech mat Sujete befaasse sollen, déi an de gesetzlechen Kompetenzberäich vum WSR gehéieren. An et ass net mat de Gewerkschaften, op d'mannst net mam OGBL

iwwert de Sënn an den Zweck vun dësem Treffen, dës Rencontres geschwat ginn an och net iwwert den Ordre du jour.

Dat ass net de Wee fir e gudden nationale Sozialdialog ze kréien.

Dës Manéier fir virzegoen, onkloer politesch Äntwerten op eis Froen iwwert d'Zukunft vun eisem Sozialmodell, wichteg Fuerderungen, déi keng politesch Äntwerte kréien, déi arrogant a provokativ Haltung vum Patronat hunn eis décidéiert fir op d'Strooss ze goen.

Mir wëlle kloer soen, datt eis muss nogelauschtert ginn, datt net ka géint oder laanscht d'Salariéen, déi Aktiv an déi Pensiounéiert an hir Familljen, Politik ka gemaach ginn, weder um nationale Plang nach an de Betriiber.

Duerfir demonstréiere mer de 16. Mee zesumme géint all Form vu Sozialofbau.

Déi nächst Regierung awer och d'Patronat solle kloer gesinn, datt si op d'Gewerkschaften läuschtere mussen an datt se och op eis Propositionen a Fuerderungen mussen agoen.

Kolleginnen a Kollegen,

Mir demonstréieren fir eis Arbechtsplazen, fir eist Recht op Aarbecht, mä awer och dofir, datt och eis Jugend eng Zukunftsperspektiv kritt. Och si hunn e Recht op eng uerdentlech Aarbechtsplaz.

Mir demonstréiere fir eis Léin, fir eis Pensiounen, fir d'Erhale vun eiser Kafkraaft. Well mir sinn net schëlleg un der Kris!

Mir soen duerfir klipp a kloer: D'Fangeren ewech vum Index!

Mir soen dat vis-à-vis vun de Patronatsorganisatiounen, déi net midd ginn den Index a Fo ze stellen - mä si solle wëssen, datt mir och net midd ginn, en ze verteidegen.

D'lescht Woch hu s'erëm gefuerdert den Index op 1,5 Mol de Mindestloun jährléich ze begrenzen. All déi, déi méi wéi 1,5 Mol de Mindestloun am Joer verdéngen, solle keng Indextranche méi kréien. Wann ech emol dovun ausginn, datt de Statec de Salaire moyen an de Salaire médian zu Lëtzebuerg richtig rechent, da géif dat bedeuten, datt, déi grouss Majoritéit vun de Salaréen, mä och vun de Rentner bei enger Preissteigerung vu 2,5% géife bei d'Lisette gelooss ginn. Dat gëtt dann och nach domat verkaf, datt déi prozentual Indextranchen net sozialgerecht wieren, well déi deck Akommesse méi wéi déi kleng vun enger Indextranche géife profitéieren. Eleng de Fait, datt esou en Argument vun deene kënnt, déi di decksten Akommessen hunn, déi och an der Kris kee Problem hunn, misst ze denke ginn. Hei geet et ganz einfach ëm Sozialofbau, ëm d'Fuerderung no Loun- a Pensiounskierzunge vun der grousser Majoritéit vun den Salaréen an de Rentner. Déi sougenannte sozial Argumenter, déi vun de Patronatsvertrieder awer och vu verschidde Politiker benotzt gi, fir eng Begrenzung vum Indexsystem ze fuerdere, si blank Demagogie.

Mir sinn awer och net mat deene Politiker d'accord, ewéi dem Staatsminister, déi just fir den Index si, wann d'Inflatioun esou niddreg ass, datt souwisou nëmmen all Schaltjoer eng Indextranche erfält an déi bei enger Preisentwécklung iwwert 2%, wat eng relativ normal Preisentwécklung bei enger normaler wirtschaftlecher Entwécklung wier, den Index moduléieren oder ausser Kraaft setze wëllen. Dat ass net realistesch, dat heescht am Kloertext, datt mer keen Index méi hätten. Den Index verursaacht net d'Inflatioun, den Index garantéiert just mat enger Verspéidung vu 6 Méint, datt d'Leit en Inflatiounsäusgleich kréien. Den Index erlaabt eng differenzéiert Lounpolitik, den Index hëlleft de soziale Fridden zu Lëtzebuerg ze garantéieren. Kolleginnen a Kollegen, de 16. Mee demonstréiere mer awer och fir eis Sécurité sociale, fir eis sozial Ofsécherung bei Krankheet, bei Chômage, bei Invaliditéit, bei engem Aarbechtsakkzident, am Alter...

Mir demonstréiere fir sozial Gerechtegkeet. An duerfir bräuche mer net e schwache Staat, wéi d'Fedil dat gären hätt, mä e staarken, en effiziente Staat, dee gutt a performant ëffentlech Servicer garantéiert, fir d'Familljen, fir eis Kanner an eis Jugend, fir all Bierger, fir all Mënsch deen zu Lëtzebuerg schafft oder wunnt.

Mir bräuchen e Staat deen eng aktiv Sozialpolitik mecht, fir Aarmut a Sozialäusgrenzung ze verhënneren.

Mir bräuchen e Staat, deen eist Gesondheetswiesen stäerkt, deen den ëffentlechen Transport verbessert an ausbaut, deen dofir suergt, datt jiddfereen hei zu Lëtzebuerg eng uerdentlech Wunneng kritt, deen d'Sécherheet vu senge Bierger garantéiert.

Mir bräuchen e Staat, dee weider an eis ëffentlech Schoul investéiert an dat op alle Niveaue vum Préscolaire bis zur Universitéit, deen an d'Chancegläichheet investéiert, deen d'Weiderbildung fördert.

Mir bräuchen e Staat, dee sech d'Mëttele gëtt fir d'Mënschen zu Lëtzebuerg géint Aarbechtslosigkeit ze schützen, dee sech d'Mëttele gëtt fir eng aktiv Beschäftigungspolitik ze maachen.

Mir demonstréiere, fir datt kloer ass, datt mir eis géint all Sozialofbau wäerte wieren, och no de Wahlen.

Mir demonstréiere fir ze weisen, datt et hei zu Lëtzebuerg net ouni, net laanscht a net géint d'Gewerkschafte geet.

Eis Demonstratioun wendt sech ganz kloer géint d'Patronat, dat et net losse kann ze provozéieren statt op de Sozialdialog ze setzen.

Et ass inakzeptabel, wann Industriebetriiber hire Salariéen, déi op Schicht schaffen a krank ginn, elo bei der Lohnfortzahlung net méi d'Schichtprime bezuelen.

An engem Secteur wou Dausende vu Leit duerch Kuerzaarbecht schons vill Soue verléieren, déi ënner fiirchterlechem Stress stinn, well s'ëm hir Aarbechtplaze fäerte mussen, déi souwisou schons ënner schwéieren an net

grad gesondheetsfördernden Aarbechtsbedingunge schaffen, ass dat Verhale vu verschiddene Betriiber skandaléis. An et ass eng Provokatioun, wann ee mierkt, datt dat Ganzt eng gesteuert Aktioun vun der Fedil oder esouguer vun der UEL ass, fir d'Belegschaften géint d'Gewerkschaften opzehetze, wa behaupt gëtt, dat wier an der Tripartite ofgemaach ginn. Dat ass eng Ligen. Esou ass e Sozialdialog mat der Fedil net méiglech.

Mir wäerten ab nächster Woch gewerkschaftlech Aktiounen géint des Betriiber duerchféieren.

D'Fedil muss wëssen, datt se mat hirer Aktioun d'ganz Kollektivvertragspolitik an hirem Secteur op d'Kopp geheet.

Mir stellen och fest, datt d'Kris benotzt gëtt fir ze probéieren Sozialofbau ze bedreiwen.

Dat mierkt een a ville Kollektivvertragsverhandlungen, a ville Betriiber wou probéiert gëtt d'Kollektivvertrëg no ënnen ze revidéieren, se ze verschlechteren. Dat erliewe mer bei de Verhandlungen an deene verschiddenste Wirtschaftsberäicher: dem Assurance-Secteur, dem Sozialsecteur, der Stolindustrie. Mä awer och am Nettoyage, wou et fir den OGBL inakzeptabel bleift, datt d'Aarbecht vun de Fraen am Botzsecteur net als qualifizéiert Aarbecht unerkannt gëtt. Dat ass eng fraëfeindlech an diskriminatoresch Haltung.

Mir wëssen, datt mer an enger Kris sinn, an datt a ville Betriiber Problemer bestinn. Dat heescht awer net, datt mer mat Sozialofbau d'accord kënnen sinn. Am Contraire, mir sinn der Meenung, datt een elo misst verhandelen, wat ee fir den Erhalt vun den Aarbechtsplaze kënn maachen. Dozou gehéiert zum Beispill d'Verhandlung iwwert Aarbechtszäitverkierzung an d'Zeitkonten, iwwert individuell a kollektiv Rechter op Formatioun, iwwert eng Aarbechtszäitorganisatioun, déi et méi einfach mecht, Aarbecht a Famill ënnert een Hutt ze kréien.

Mä dat bedéngt awer, datt d'sozial Acquien, d'Léin net a Fro gestallt ginn, datt eng positiv Kompromissbereetschaft besteet.

A genau déi existéiert am Ament net beim Patronat a sengen Organisatiounen.

Dëse Mangel u sozialer Responsabilitéit a sozialem Engagement mierke mer och bei der Beschäftigungspolitik an der Fro vum Maintien dans l'emploi. D'Patronatsorganisatiounen di sech extrem schwéier fir sech op sektoriell Moossnamen anzeloossen, mä ouni esou Accorde bleift de Maintien dans l'emploi haaptsächlech en Instrument fir vum Chômage partiel profitéieren ze kënnen.

Mir bräuchen eng Reform vun eiser Gesetzgebung op deem Plang.

D'Gesetzgebung iwwert de Maintien dans l'emploi muss verstärkt ginn. Et muss do ënner anerem och obligatoresch iwwer d'Aarbechtszäitverkierzung verhandelt ginn.

Och d'Gesetzgebung iwwert de Chômage partiel muss verbessert ginn.
D'Formatioun während der Kuerzaarbecht muss e Recht sinn, an de Chômage partiel muss zu 100% indemniséiert ginn.

D'Gesetzgebung iwwert de Licenciement collectif muss zu Gonschte vum Salariat verbessert ginn.

Iwwerhaupt muss eis Gesetzgebung iwwert de Schutz vun de Salariéen, wann e Betriib ökonomesch Schwierigkeeten umellt, verstärkt ginn.

Entloossungen aus ökonomesche Motiver, wéinst Restrukturéierung mussen méi deier fir d'Betriiber ginn, soss ass keen Intérêt do fir de Mainien dans l'emploi.

A wann iwwert den Emploi verhandelt soll ginn, da müssen d'Personalvertrieder an d'Gewerkschaften och d'Méiglechkeete kréie fir seriös ze verhandelen.

- Si mussen besser informéiert a konsultéiert ginn, si mussen reell

Matsproocherechter kréien,

- et mussen seriös Verhandlungsfristen festgeluet ginn, während de Verhandlungen d'äerf net entloosst ginn,

- et muss kloer sinn, datt schons während de Verhandlungen d'Streikrecht besteet,

- datt Experten op Käschte vum Betriib kënnen vun der Personalvertriederung an de Gewerkschaften mat beigezu ginn, fir Bilanzanalysen, Sozialauditen asw. ze maachen.

D'Weiderbildung muss eng sektoriell Pflicht ginn, an all Enterprise misst e gewësse Prozentsatz vu sengem Gewënn an e sektorielle Weiderbildungsfond, dee paritéitesch verwalt gëtt, bezuelen.

De Schutz vun de Salariéen am Fall vun enger Faillite muss verbessert ginn.

Mir müssen dofir suergen, datt déi Jonk, déi am Summer aus de Schoule kommen eng sënnvoll an uerdentlech Aarbecht kréien

D'Chômagegesetzgebung muss verbessert ginn, besonnesch wat

d'Chômageindemnitéiten ugeet an de Kënnegungsschutz vun deenen eelere Salariéer muss verstärkt ginn.

Doriwwer wëll a wäert den OGBL de 6. Mee op de "Rencontres tripartites pour l'emploi" vum Aarbechtsminister diskutéieren.

Kolleginnen a Kollegen,

Eis Manifestatioun vum 16. Mee riicht sech awer net nëmmen un d'Patronat. Et ass och eng kloer Warnung un d'Politik.

Mir erwaarden, datt d'Politiker sech op d'Säit vun de schaffende Leit stellen, datt se sech fir d'Erhale vun eiser Kafkraaft asetzen, datt se d'Fangere vum Index ewech loossen, an och d'Fangere vun eiser Sécurité sociale a vun eise Pensiounen loossen.

Eise Sozialsysteem, eis sozial Ofsécherunge si grad an enger Krisenzäit enorm wichteg a si hëllefen och d’Kris z’iwwerwannen.

An an deem Zesummenhang wëll ech eppes iwwert de Rentendossier soen. Och an der Chamber war d’Zukunft vun eise Renten elo erëm eng Kéier en Thema. Mir sollen elo e Rentendësch maachen, an der Perspektiv vun 2060, an déi Diskussioun misst onbedéngt an deenen nächsten 3 Joer ofgeschloss ginn.

Kolleginnen a Kollegen,

- Déi eischt Suerg an déi eischt Äntwert an der Rententhematik misst déi sinn, datt mer dofir suergen, datt mer Vollbeschäftegung hunn.
- Da sinn och d’Rente vu muer garantéiert.

A wa mer iwwert d’Rente schwetzen, da musse mer eis fir d’éischt eens si, wat mer wëllen. Hätte mer gär, datt déi Jonk vun haut och muer nach déi nämlecht Rente kréien oder geet et just drëm, datt d’Cotisatione fir d’Betriiber, d’Bedeegung vum Staatsbudget um Finanzement vun de Pensiounen net däerf an d’Luut goen an, datt deen Eenzelne muss kucke, wéi e sech selwer eng individuell Reserve fir den Alter uleet, well d’Solidaritéit Halt virum Egoismus vun deene maache muss, déi menge, si kéime besser ewech wa si net méi zum ëffentleche Rentensystem géife beidroen, mä an hir eegen Täschen géife schaffen.

D’Finanzéierung vun engem solidaresche Pensiounssystem, wéi mir e kennen, ass ëmmer eng Fro vu Verdeelung vum gesellschaftleche Reichtum, an net eng Fro vu Reserven.

Dës Fro gëtt mat System ëmgaange, mir wäerten s’awer stellen.

Fir de Rescht ass et fir eis kloer:

Wann ee 40 Joer geschafft a bezuelt huet, muss een d’Recht op eng voll Rent hunn, an et gëtt keng Ursaach de gesetzleche Rentenalter erop ze setzen. Et gëtt awer vill Ursaachen, dofir ze suergen, datt d’Mënschen net mat 50 Joer aus dem Aarbechtswien erausgedréckt, erausgeekelt ginn, datt se gewise kréien, datt se zum alen Eise gehéieren an datt se endlech goe sollten, wa se net ganz einfach d’Affer vun Entloosunge ginn.

A Kolleginnen a Kollegen,

Et gëtt schons guer keng Ursaach d’Rente vun haut ze kierzen, se net méi z’ajustéieren oder z’indexéieren.

Léif Kolleginnen a Kollegen,

Et ginn also vill Ursaache fir de 16. Mee ze demonstréieren.

Et geet drëm kloer ze weisen, datt mir net gewëllt sinn z'akzeptéieren, datt d'Kris op eis Käsche geléist gëtt, datt mer eis géint all Sozialofbau wiere wäerten.

Mir hunn d'Kris net verbrach, et ass net un eis fir se ze bezuelen!

Vive den éischte Mee!

Vive den OGBL!

De 16. Mee: Zesumme géint all Sozialofbau!

Merci !